

MENG KLENG STAD



Auteuren: Jean-Claude Pellin & Steve Brück
Illustrator: Gediminas Akeleitis

Fir 2 bis 4 Spiller ab 5 Joer
Dauer vum Spill: 20 Min.



LSPILLMATERIAL:

36 Stadplättcher



24 transparent Standféiss
Spillreegel

24 Spillfiguren:



6 x Awunner (blo)



6 x Beem (gréng)



6 x Autoen (giel)



6 x Haiser (rout)

Am Spill MENG KLENG STAD baut dir zesummen är Stad. Wee bréngt et am Schnellste fäerdeg, seng Awunner, Beem, Autoen oder Haiser ze placéieren?

Haiser, Beem, Autoen, Menschen. Alles gehéiert an eng Stad a sicht seng Plaz. All Urbanist setzt sech fir eppes aneres an a versicht, senge Géigner de Wee ze verspären an d'Bauen onméiglech ze maachen. Wee sech par contre ze laang dorop konzentréiert, dass seng Géigner nët baue kënnen, deem geléngt et eventuell och net, all seng Figuren ënnerzebringen.

SPILLZIL:

D'Zil vum Spill ass et, als Éischten seng 6 Spillfiguren op Stadplättcher gesat ze kréien. Mee opgepasst! D'Spillfigure vum de Matspiller limitéiere fréier oder spéider är Méiglechkeeten.

VIRUN DER ÉISCHTER PARTIE:

Maacht déi 24 Spillfigure virsichteg an déi transparent Standféiss.

DETAILER VUN ENGER STADPLÄTTCHEN:

Eng Stadplättche besteet aus 9 Stadquadrater, déi all genee eng Spillerfaarf weisen, oder mat engem X gezechent sinn.

Beispill:



VIRBEREEDUNG:

Déi 36 Stadplättcher gi geméscht an als gemeinsamen, verdeckten Nozéikoup ausserhalb der Métt vum Dësch geluecht. Déi iewescht Plättche vum Nozéikoup gétt uschléissend opgedeckt an an d'Métt vum Dësch geluecht. Des Plättchen ass den Ufank vum gemeinsame Stadterrain. All Spiller wíelt eng Faarf an hëlt déi 6 Spillfigure vum deser Faarf.

Beispill:



SPILLOFLAF:


Dee Spiller, deen als lescht eng Kaz an der Stad gesinn huet, gëtt Startspiller. Duerno wiesselen sech d'Spiller am Tuer vun der Auer of.

DEN AKTIVE SPILLER MUSS SECH FIR ENG VUN DËSEN ZWOU AKTIOUNEN DECIDÉIEREN: ENTWEEDER

1) hien deckt genee 1 Stadplättche vum Nozéikoup op a leet se un den existéierende Stadterrain un (Stadtplättcher déi schon am Spill sinn).

- All nei Stadplättche muss ëmmer mindestens mat enger Säit un eng aner, déi schon erausläit, ugeluecht ginn.
- Stadtplättcher kënnen net diagonal ugeluecht ginn.

Illustratioun:



ODER

2) hie stellt genee 1 vu sengen Spillfiguren op dat existéierend d'Spiffeld.

- Eng Spillfigur muss ganz op den existéierenden Stadterrain passen (et däerf keen Deel vun hir iwwerstoën).
- Nëmmen deen éischten an leschten Objet (Awwuner, Bam, Auto oder Haus) vun där Spillfigur mussen op e Stadquadrat vun där selwechter Faarf gestallt ginn. D'Objeten dertëscht kënnen, mee mussen net, faarflech zu deem Stadquadrat ënnert sech passen.
- Eng Spillfigur muss horizontal oder vertikal op den existéierende Stadterrain gestallt ginn (net diagonal).
- Eng Spillfigur kann net op e besate Stadquadrat gestallt ginn (All Stadquadrat ass nëmmen eemoleg benotzbar).
- Eng Spillfigur kann net eng aner Spillfigur 'iwwerbrécken'.

Illustratioun:

Dat éischt an dat lescht Haus aus dëser Haiserrei (rout) sti jeeeweils op engem roude Stadquadrat.



EINFACH VERSIOUN:

D'Stadquadrater, déi mat engem X gezechent sinn, däerfe benotzt ginn, op hinnen däerf eng Spillfigur stoen a si däerfen och vun enger 'iwwerbréckt' ginn.

MEE:

Weeder deen éischten nach dee leschten Objet vun enger Spillfigur däerfen op ee Stadquadrat, dee mat engem X gezechent ass, gestallt ginn. Nëmmen d'Objeten dertëscht däerfen dat.

NORMAL VERSIOUN

D'Stadquadrater, déi mat engem X gezechent sinn, mussen ëmmer vermidde ginn, op hinnen däerf ni eng Spillfigur stoen a si däerfen och ni vun enger 'iwwerbréckt' ginn.

D'SPILL ASS ERIWWER WANN:

ENTWEDER

a) Ee Spiller erfollegräich seng lescht Spillfigur op den existéierende Stadterrain gestallt huet.

- Dee Spiller, deen dat als Eischte fäerdegbréngt, gewënnt direkt.

ODER

b) Wann déi lescht Stadplättchen un de Stadterrain ugeluecht gouf.

- All Spiller, am Tuer vun der Auer, ugefaange mam Spiller léns vun deem, deen déi lescht Stadplättche geluecht huet, inklusiv him selwer, kann elo probéieren, genee 1 vu senger verbliwene Spillfiguren op den existéierende Stadterrain ze stellen.
- Wann dëst engem Spiller seng lescht Spillfigur ass, gewënnt dee Spiller direkt d'Partie.
- Wann no dëser leschter Stellronn nach all Spiller 1 (oder méi) Spillfigure Rescht hunn, gewënnt dee Spiller mat der niddregster Gesamtzuel vun Objeten, déi op senger verbliwene Spillfiguren duergestallt sinn.
- Am Fall vun engem Remis gewënnt dee Spiller, dee manner Spillfiguren iwwreg huet.
- Wann et dann nach ëmmer Remis ass, gewonnen all d'Spiller am Remis.

LOGIS™

© Jean-Claude Pellin / Steve Brück
© SAVAS TAKAS - www.logis.it